# Comité FLERA 13/11/ 2013

Do:Joo Ja L;Manette O;Romain R.;Lars M.,Jacques L.;Eugène B.;,Gilbert Sch.Claude W., Entschëllegt:Fernand K. .,

1)Leschten rapport ugehol(vum16.9)

2)Courrier: A)-Facturen déi ze bezuelen bloufen:40Euros un RESTENA Internet site provider an IFSC-Cotisatioun(2000Euros)de Lars bezillt déi éischt ,déi zweet ass iwwerwisen

B)1200Euros un den COSL fir CascoVersecherong,déi bis 2012 ëmmer zereckerstsatt gouf,elo awer net méi;dës Rechnong ass esou héich well den GAL vill Memberen huet déi heiansdo just een W-E oder eng marche organiséieren an dobai haten mer déi lesht 3Joer eng eenzeg Kéier Gebrauch gemaach vun der CASCO-Op der nächster AG proposéieren mer dës guer net méi an Usproch ze huelen?

C)Den Eugène huet un Coque geschriwwen fir Training---- an Compétitiounsdaten,op d'Entwert warden mer nach –mam Här Jung get een neien Rz-vs geholl fir sech an der Coque ze treffen an Gebühren,Horairen etc ze beschwätzen

D)Den Tom Dieschbourg huet eng Kandidatur als Nationaltrainer eragescheckt (cf ënnen Diskussioun Nationaltrainer)

E)Vum Sportsministär hunn mir déi verschidden demanden fir payement/remboursement /Prévision vun eisen frais fir Stage an Training vun der Nationalequipp eragescheckt krut-déi sollten imperativ virum 25Oktober dobannen sinn,awer den Eugène soot dat geet och méi spéit;den President huet se ënnerschriwwen an dem Lars se ginn fir ze komplettéieren ,ze ënnerschreiwen an anzeschecken

3)Press:Den Eugène ass net zefridden iwwert den fait dat den President net am Bild wor iwwert den Artikel am LW vum 13 November iwwert Klammen an Nationalequipp-den Claude erklärt dat desen Rz-vs just virun dem 23Oktober geholl gouf wou mer den Comité net konnten ofhalen well President an Vize-P.net kommen konnten(do sollt all Mënsch an Bild gesaat ginn),de Claude wollt awer net méi ofsoen d'autant plus dat mer op der AG déi Remark gemaach krut hunn naischt méi an Press ze brengen wou dach fréier vill méi iwert Klammen geschriwwen gouf?!Am Prinzip get an Zukunft den Comité iwwert esou eng Initiativ an d'Bild gesaat ,wann net an der Versammlung ,dann iwwert e-mail oder SMS;et soll och an Zukunft nierwend dem team,een aus dem Comité an een aus der Compétitiounscommissioun deelhuelen,hei schreiwt den Claude dann dem Yoo Ja an hat proposéiert den Steve Schiltz

4)Nationaltrainer:Mir hunn 2 Proposen, a°den François vun Arel,deen awer net Möttwochs däerf no der Discussioun déi den Claude mam Eric hat-sondern eventuell Freides zu der Zait wou den François esouwisou dat Lëtzebuergescht Team betreit(awer och déi mi kleng déi nach net am Nkader sinn)!Kanner sinn ganz frou mam François,an hien klömmt 7b niveau.
b°den Tom D.deem sein CV den Comité ze liesen krut-Bedenken woren ob sein niveau 6c? duer geet fir deenen Jonken richteg weiderzehëllefen,ansonsten wor hien bereed den Nationalkader Möttwochs an der Coque ze haalen ,a vu dat hien coaching geléiert huet och jiddfereen vun deenen 6 ofwiesselnd 1Stonn ze coachen-seng Praisvirstellung wor 30Euros/Stonn-hien huet een festen Aarbechtskontrakt an der Coque dofiir ass dann och Kkees

an der Rei;et goufen 2 Enthaalungen an 5 Stömmen fir dem Tom D. eng chance ze ginn dëss Saison 2013/14. Den Claude informéiert den neien Trainer esouschnell ewei méiglech unzefänken,well déi éischt Compétitiounen stinn virun dr Diir!!

5)Formatioun-Moniteur:Commissioun wor net ganz zefriiden mat dem Belschen System,do besteet och eng catégorie-loisir fir SAE(Structure Artificielle d'Escalade)déi vum nämlechten niveau vun der SNJ(service national de jeunesse) zu Lëltz organiséiert gëtt;dem YooJa seng propose an der Commissioun wor déi Formatioun ze verbesseren a weider ze entweckelen dat FLERA och zefridden ass dat mer indoor SAE cat.C niveau zu Lëtzebuerg forméieren fir an Zukunft esouguer cat.B voire A ubidden ze können:déi nächst formatioun fänkt am Januar 2014 am ENEPS un,an di nächst Woch ass Rz-vs mat dem Camille Dahm;déi Formatioun kascht all participant 100Euros, ,den Rescht gett vum ENEPS iwerholl .

6)Bäerdref: den Jacques huet den Här Frank Wolter an Co. vum Ministär du développement durable gesinn an si sinn sech eens, dat den Permis d'escalade méi oft kontrolléiert soll ginn ansonsten mecht en keen Sënn;den Permis Annuel soll fir d'Leit aus dem Groussraum sinn mat Zentrum Bäerdref:Thema vun den freilaafenden Hënn,an der haarder Musek,genausou ewéi deen vun enger « Toilette sèche » goufen ugeschwaat an dozou gesait den Jacques den Fierschter muer;och nei Klammsiten hunn éischter Zoustëmmong fonnt awer et soll keng zweet Wanterbaach entstoen mat esoufillen Sekteuren;un der FLERA Propositiounen ze maachen;de Jacques an de Gilbert kennen do Siten déi deels schons oder nach equippéiert sinn:z.B. Lorentzweiler,Reiterlay(Mariendall),Daiwelsinsel an aaner Siten am Möllerdall. Mir kruten och eng visite guidée mam Fierschter ugebueden fir déi schützenswert Flechten an aaner Flora&Fauna kennenzeléieren,waat vum Comité begréisst gouf;eng lescht Remark vun den Pompjeeën,si géifen déi Verletztn net gutt fannen an hätten dofiir gären d'Sekteuren besser markéiert-2013 hunn si 6 Verletzten Kloterer evakuéieren missen!!

7)Den GAL invitéiert op een groussen Virttragsowend iwert Big Wall Besteigong asw den 14 Dezember,den Comité begréisst interessant Initiativ an seet merci fir Invitatiounskaarten

8)Nächsten Comité den 11.12.2013 18.30 Auer

Schéin Gréiss,Claude Weber,1411.2013